LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 22 MAI 2019

Réf. 2019/3939

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 MAI 2019

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 651 de Monsieur le Député Paul Galles.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n° 651 de Monsieur le Député Paul Galles, en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

Corinne CAHEN



12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg
Tél. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570
Adresse postale
L-2919 Luxembourg
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 651 vum Deputéierte Paul Galles**

---

Op Demande vum Familljeministère huet d'Uni Lëtzebuerg eng Etüde gemaach iwwer d'aide sociale, esou ewéi se am Gesetz vun 2009 virgesinn ass an ewéi se vun den Offices sociaux ëmgesat gëtt. De Ministère huet den Ofschlossrapport am Mäerz vun dësem Joer kritt an ech hunn der Chamberskommissioun dës Etüde den 20. Mäerz 2019 presentéiert. Do gouf och festgehal, dass d'Chamberskommissioun d' Auteuren vun der Etüde wärt gesinn.

Am Ofschlossbericht vun der Etüde gi Conclusioune gezunn an et ginn eng Réi vu Recommandatioune gemaach. Mir wäerten all dës Recommandatiounen analyséieren a, wann néideg, och nach méi prezis hannerfroen. Den adequate Schlëssel fir d'Personalressourcen, eng eventuell Harmoniséierung vun den Hëllefen an d'Problematik vun der Erfaassung vun den Donnéeën duerch déi eenzel Offices sociaux si Sujeten, déi mer wäerte wëlle verdéiwen.

D'Entente vun den Offices sociaux ass e wichtege Partner vum Familljeministère; d'Entente wäert am Suivi vun dëser Etüden als Relais tëschent den Offices sociaux an dem Ministère eng Roll ze spillen hunn. Am Kader vun dëser Zesummenaarbecht sollen d'Entente an de Ministère klären, ob et eng Noutwennegkeet fir nach eng aner institutionaliséiert Plattform gëtt.

93,5 % vun de Leit déi d'Hëllef vun engem Office social kritt hun sinn zefridde mat der Manéier ewéi se begleet gi sinn.

Mee net all Persoun déi um Office social virstelleg gëtt sicht eng materiell Hëllef. Vill Leit brauchen Informatiounen, Erklärungen oder Orientatiounen, respektiv Hëllef bei administrativen Demarchen. Den Office social ass deemno e wichtegen Uspriechpartner a villen Domänen a mécht eng wäertvoll Preventiounsaarbecht mat de Leit.

Iwwert déi nächst Méint wäert de Ministère a senge reegelméissege Kontakter mat den Offices sociaux an der Entente des Offices sociaux dëst méi am Detail diskutéieren, fir dann och zesummen ze iwwerleeën, wat déi beschte Méiglechkeete si fir d'Informatiounen iwwert bestoend Sozialrechter an déi zentral Plaz vun den Offices sociaux als „Guichet social" besser bei de Biergerinnen a Bierger bekannt ze maachen. Et wier e wichtege Schrëtt och am Sënn vun enger gudder Preventiounspolitik wann d'Leit méi fréi de Kontakt mat dem Office social géife

sichen. Da kéinte präventiv Hëllefe besser a méi effikass agesat ginn, wéi z.b. eng Guidance budgétaire, finanziell Hëllef fir d'Iwwerschëldung ze evitéieren oder eng Orientatioun zu spezialiséierte Servicer bei Problemer an der Famill.

D'Etüde iwwert d'Ëmsetzung vun der aide sociale ass also en éischt Element an enger méi globaler Reflexioun iwwer eis Sozialpolitik.

Op Grond vun enger Motioun vun der Chamber muss de REVIS an dräi Joer evaluéiert ginn; och déi Evaluatioun wäerte mer mat der Etüde iwwert d'Offices sociaux verbanne fir eng kohärent Vue vun eiser Sozialpolitik ze kréien. Ech erënneren hei och drun, dass mer am Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de REVIS en „Observatoire des Politiques sociales" geschafen hunn, deem seng Missioun et ass de Minister a Saachen Etüden, Analysen oder Evaluatiounen ze beroden.